

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3476 vun der honorabeler Madame Deputéiert Martine Hansen

Fir der honorabeler Deputéiert eng méiglechst komplett Äntwert op hir Fro ze ginn, wëll ech – bei de Schüler, déi net un enger oder e puer Epreuvë vum Premièresexame wäerten kënnen deelhuele – ënnerscheeden tëscht deenen, déi selwer positiv getest goufen, an deenen, déi a Quarantän gesat goufen.

1. Schüler, déi selwer positiv getest goufen

Dës Schüler sinn duerch eng Ordonnance vum Direkter vun der Santé doheem am Isolement. Hei applizéiert sech den Artikel 6.3 vum Règlement grand-ducal du 31 juillet 2006 portant organisation de l'examen de fin d'études secondaires, dee Follgendes virgesäit: « Le candidat absent de l'examen pour un motif reconnu valable par le commissaire est autorisé à se présenter aux épreuves pendant lesquelles il a été absent, selon les modalités suivantes :

- Si l'absence est d'une journée au plus, le candidat passe ces épreuves lors de la journée de repêchage dont la date est fixée par le commissaire.
- Si l'absence à la session d'été est de plus d'une journée, le candidat est autorisé à passer ces épreuves à la session d'automne. Si l'absence de plus d'une journée concerne la session d'automne, le commissaire fixe la date des épreuves. (...) »

2. Schüler, déi a Quarantän gesat goufen

An Zesummenaarbecht mat der Direktioun vun der Santé gouf fir dës Schüler eng Léisung ausgeschafft, déi hinnen et erlaabt, um Examen deelzehuele.

Duerch eng Demande un d'Inspection sanitaire kënnen si eng Levée vun der Quarantän kréien, an esou un den Epreuven deelhuele; dëst allerdéngs ënnert spezielle Bedingungen, déi an der Schoul mussen assuréiert sinn:

- d'Epreuven dierfen net am Examenssall stattfannen, mee an engem separate Sall;
- dës Schüler dierfen net mat deenen anere Kandidaten a Kontakt kommen;
- si kréien, grad wéi och d'Surveillant, FFP2-Schutzmasken zur Verfügung gestallt.

Ausserdeem dierfen dës Schüler net mam ëffentlechen Transport an d'Schoul kommen.

D'Direktioun vum Lycéeë wäerten iwwert dës Bestëmmungen a Kenntnis gesat ginn, grad wéi och d'Schüler, déi aktuell op enger Premièresklass sinn.

Wat den Asaz vu Schnelltester ubelaangt, sinn dës amgaangen, duerch den LNS (Laboratoire National de Santé) analyséiert ze ginn.